# sne Infomail

## Entrevue mam Minister vun der Fonction publique, Marc Hansen

**Dem SNE/CGFP seng Doleancen a Revendicatiounen un de Minister vun der Fonction publique**

Eng Delegatioun vum SNE/CGFP war de 4. Dezember 2019 beim Minister vum ëffentlechen Déngscht Marc Hansen fir iwwert d'Auswierkunge vun der Reform vun 2015 an der fonction publique ze diskutéieren. D'CGFP huet dës Gespréicher mat all sengen Ënnerorganisatioune verlaangt an esou goufen déi dann och am Avenant vum Accord salarial vun 2018 festgehalen.
An dëser Entrevue huet den SNE/CGFP dem Minister vun der Fonction publique seng Doleance matgedeelt a seng Revendicatiounen a Punkto Carrière duergeluecht.

Fir d'éischt huet d'Delegatioun vum SNE/CGFP dem Minister erkläert, dass am Enseignement fondamental net nëmmen d'Reform vun 2015 Repercussiounen op de Statut vum Enseignant hat, mee dass et scho bei der Schoulreform vun 2009 zum Reklassement vun de Schoulmeeschteren a Léierinne komm ass. Esou goufe schonn 2009 vill Dispositiounen a Punkto Carrière vum Schoulmeeschter geholl, déi bei anere Staatsbeamten eréischt 2015 gereegelt gi sinn.
Den SNE/CGFP huet dem Minister Hansen folgend Fuerderungen ënnerbreet:

- **Cumul vum "Supplément de traitement" an der "Majoration d'échelon pour poste à responsabilités particulières"**

Eng Haaptrevendicatioun ass, dass de Cumul vum "Supplément de traitement" an der "Majoration d'échelon pour poste à responsabilités particulières" méiglech muss sinn. Am Moment ass et esou, dass jiddereen 2 Joer nodeems en de leschten Echelon aus dem Grade E5 erreecht huet (Echelon 16) e

"Supplément de traitement" vun 20 Punkte kritt. Wann een dee Moment awer e "Poste à responsabilités particulières" (Majoratioun vun 22 p.i.) iwwerhëlt, da kritt een de Supplément de traitement nees ewech geholl. De Facto, bleiwen esou nach just 2 Punkte fir de "Poste à responsabilités".

En absolutten No-Go an den Ae vum SNE/CGFP.

Den "Tribunal administratif" beschäftegt sech am Moment mat der Fro, ob et gerechtfäerdegt ass, de "Supplément de traitement" ewech ze huelen, wann een eng "Majoration d'échelon pour poste à responsabilités particulières" touchéiert.

Fir dës ganz grouss Ongerechtegkeet aus der Welt ze schafen, misst de "Supplément de traitement" ersat gin duerch d'Aféierung vun engem "Allongement de Grade" am E5 mat engem 17. Echelon vu 500 Punkten. An den Ae vum SNE/CGFP wier dat déi einfachsten a beschte Solutioun.

Dës Fuerderung no engem 17. Echelon mat 500 Punkte kéint och eng aner Problematik léisen, nämlech déi vun der Promotioun an de Grad E7 vun den "Instituteurs spécialisés", déi "Fin de carrière" sinn. Och bei hinne gëtt nämlech de "Supplément de traitement" bei hirem Wiessel an den E7 net consideréiert a an dat ass zu hirem Nodeel. Duerch de gefuerderten "Allongement de grade" kéint evitéiert ginn, dass déi Leit bei hirem Wiessel an den E7 eng Zäit laang manner géife verdénge wéi am E5.

- **De Plafonnement op 500 Punkten, deen bei den Allongementer am Traitementsgesetz vun 2015 virgesinn ass, muss opgehuewe ginn**

Eng weider Revendicatioun vum SNE/CGFP ass d'Ophiewe vum Plafonnement vum Traitement bei 500 Punkten.
D'Enseignanten , déi no 2015 agestallt goufen, sinn am A-Tableau vun der "Administration générale" klasséiert. Den Echelon 9 vum Grad 14 mat 485 Punkte gëtt duerch en 10. Echelon mat 500 Punkten allongéiert. Allerdéngs verhënnert eng Dispositioun bei den Allongementer, dass de Schoulmeeschter seng Primm fir 10 Joer Déngscht am Enseigenement (12 p.i.) behält esoubal hien an den Echelon 10 mat 500 Punkten aklasséiert gëtt. Säi Gehalt ass also

bei 500 Punkte gedeckelt.

Dëse Plafonnement muss opgehuewe ginn. Et gëtt objektiv kee Grond, dass een déi Primm vun 10 Joer am Enseignement net méi zegutt soll hunn, wann een den 10. Echelon vum Grade 14 kritt.

- **De "Système d’appréciation" muss ofgeschaaft ginn**

Genee wéi d’CGFP et fir d’ganz Fonction publique verlaangt, fuerdert den SNE/CGFP och d’Ofschafe vum Bewäertungssystem am Enseignement. D‘Prozedur ass schwéierfälleg, käschtenintensiv an opwänneg. Fir et op een Nenner ze bréngen, si ergëtt kee Sënn a bréngt näischt.

- **Mastercarrière fir de Schoulmeeschter**

Den SNE/CGFP fuerdert d’initial Schoulmeeschteschausbildung op Masterniveau, also am A1, anzeféieren. Dat ass an eisen europäesche Nopeschlänner schonn de Fall. D’Ufuerderungen un d’Léierpersonal sinn an de leschte Joren ëmmer méi grouss a méi komplex ginn an dofir ass e Rekrutement op Masterniveau absolut noutwendeg.
Duerch eng generell Ausbildung op Masterniveau géif de Beruff op jidde Fall revaloriséiert ginn an d’Studente wieren och besser op déi aktuell an zukünfteg Defië virbereet.

De Comité central vum SNE/CGFP